



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (02.03.2020)

Fernand ETGEN
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 02/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Umwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

An mengen leschten dräi Question parlementairen wollt ech méi Informatiounen zu der Juegd op d'Muffelen am lechernacher Bësch an an den aneren Géigenden vum Land, wou dës Déieren liewen, hunn. De Weekend vum 29. Februar huet eng Juegd op d'Muffelen stattfonnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Muffelen goufen säit dem 29. Februar op de Juegten bei lechernach dout gemaach ?
2. Goufen bei dëser Juegd och weiblich Muffelen geschoss ? Wa jo, wéi vill a wéi vill dovun hunn zu deem Zäitpunkt Klenger am Bauch gehat ?
3. Wat ass mat de rechtlechen Muffelen, ginn déi konsequent weider gejo ? Wa jo, ënnert wéi enger Form vu Juegd soll dat stattfannen a vu wéini bis wéini ?
4. Madamm Ministesch, wat passéiert mat de Kadaveren vun den doutgemaachten Muffelen ? Ass geplangt d'Fleesch weider ze verwäerten ? Wa nee, firwat net ?
5. Dir schreift an ärer Äntwert op d'Question parlementaire n° 1746, datt d'Muffelproblematik ee juegdleche Problem ass an deemno och sollt als solchen betruecht ginn. D'Afänken ass ärer Äntwert no gepréift ginn, ma ass weiderhin keng Optioun, ausser d'Joer géif « aus wat vir Grënn och ëmmer net funktionéieren ». An deem Fall wier d'Afänken « duerchaus eng Méiglechkeet ». Wat ass d'Fazit vun der rezenter Juegd an réckt an ären Aen d'Optioun vum Afänken elo méi no ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député




www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 31/03/2020



Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°1961 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1961 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°1961 vum éierbaren Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Chasse au mouflon"

1. Wéi vill Muffelen goufen seit dem 29. Februar op de Juegten bei lechernach dout gemaach?

Bei der Juegd vum 29. Februar 2020 huet et sech ëm eng privat Juegd gehandelt. Et wor keng staatlech (administrativ) Juegd.

Vu dass et sech bei deene geschossenen Déieren awer zum Deel em Muffele gehandelt huet, an de *Règlement grand-ducal du 30 novembre 2012 relatif (a) à l'établissement d'un plan de tir pour certaines espèces de grand gibier, (b) aux modalités du marquage, (c) à l'organisation et au mode de fonctionnement des commissions cynégétiques régionales* virgesäit, dass all geschossene Muffel direkt zwecks méigleche Kontrollen muss der ANF gemellt ginn, ginn et dozou Zuelen. Et goufe 9 Muffele geschoss.

D'ANF kontrolléiert ob déi gemellte Muffelen tatsächlech geschoss goufen an ob et sech ëm erwuesse männlech Muffelen (Marquage MM) oder ëm aner Muffelen (weiblech Déieren; subadult Déieren, souwuel männlech oder weiblech; Marquage MA) handelt.

Vum 1. Mäerz un gëllt eng Schounzäit bis de 15. Abrëll inclus. Et goufen also keng weider Muffele geschoss.

2. Goufen bei dëser Juegd och weiblech Muffelen geschoss? Wa jo, wéi vill a wéi vill dovun hunn zu deem Zäitpunkt Klenger am Bauch gehat?

Bei dëser Juegd goufe fënnef erwuesse männlech Muffelen (MM) a véier aner Muffelen (MA) geschoss. Et ass net bekannt ob déi eventuell weiblech Muffele gedroen hunn.

3. Wat ass mat de reschtlechen Muffelen, ginn déi konsequent weider gejet? Wa jo, ënnert wéi enger Form vu Juegd soll dat stattfannen a vu wéini bis wéini?

Vum 1. Mäerz un gëllt eng Schounzäit bis de 15. Abrëll inclus. Wéi scho gesot, huet et sech bei der Juegd vum 29. Februar 2020 ëm eng Privatjuegd gehandelt. Déi administrativ Juegd wäert stattfannen no dem 16. Abrëll 2020, an zwar net, fir all Muffelen ze schéissen, mee fir mat den Ofschosszuelen vum Plan de Tir kohärent ze sinn. Wéi scho puer Mol erkläert ginn ass, gëtt déi staatlech Juegd exklusiv vum Usëtz (Hochsitz) an op der Pirsch gemaach. Eng Klappjuegd ass net virgesinn.

4. Madamm Ministesch, wat passéiert mat de Kadaveren vun den doutgemaachten Muffelen? Ass geplangt d'Fleesch weider ze verwäerten? Wa nee, firwat net?

Wat op der Privatjuegd vum 29. Februar 2020 mat de Kadaveren passéiert ass, ass net bekannt. Bei der staatlecher Juegd ass virgesinn, fir d'Fleesch vun den geschossenen Déieren ze verwäerten an ze verkafen.

5. Dir schreift an ärer Äntwert op d'Question parlementaire n°1746, dass d'Muffelproblematik ee juegdleche Problem ass an deemno och sollt als solchen betruecht ginn. D'Afänken ass ärer Äntwert no gepréift ginn, ma ass weiderhin keng Optioun, ausser d'Joer géif « aus wat vir Grënn och ëmmer net funktionéieren ». An deem Fall wier d'Afänken « duerchaus eng Méiglechkeet ». Wat ass d'Fazit vun der rezenter Juegd an réckt an ären Aen d'Optioun vum Afänken elo méi no?

Vu dass déi zitéiert Äntwerte sech op déi geplangten administrativ Juegd bezéien, déi wäert nom 16. Abrëll 2020 stattfannen a vu dass déi Privatjuegd vum 29. Februar 2020 näischt mat der

administrativer Juegd ze dinn huet, ass déi Fro de Moment nach net ze beäntwerten. D'Optioun vum Afänken bleiwt dofir weiderhin bestoen, mee ass mat ville Schwieregkeete verbonnen, notamment wat déi ressourcenintensiv an déierenethesch zweifelhaft Aspekter vum Afänken, Transport an Aspäre vu wëllen Déiere betrëfft.